LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, Kommunikatiouns- a Medieminister, a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 5860 vum 3. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER iwwert « blocages des médias russes RT et Sputnik »**

D'Europäesch Unioun huet den 2. Mäerz 2022 sougenannte restriktiv Moossnamen agefouert als Äntwert op déi onprovozéiert an ongerechtfäerdegt militäresch Agressioun vu Russland géint d'Ukraine. Duerch dës dréngend Moossnamen huet d'EU d'Diffusiounsaktivitéite vu Sputnik an RT/Russia Today (RT English, RT UK, RT Germany, RT France, an RT Spuenesch) an der EU suspendéiert bis d'Aggressioun géint d'Ukraine en Enn fënnt.

Déi betraffen Organer sinn Deel vun enger konzertéierter a breed ugeluechtener Campagne vun Informatiounsmanipulatioun an Désinformatioun, mam kloeren Zil d'Europäesch Unioun ze destabiliséieren. Si gi vum russësche Staatsapparat kontrolléiert a stelle keng redaktionnell onofhängeg Medien duer.

Et handelt sech ëm aussergewéinlech, cibléiert an temporär Moossnamen am Kader vu Wirtschaftssanktiounen, déi an engem ganz spezifeschen an eemolege Kontext geholl gi sinn. D'EU huet esou eng Sanktioun nach ni virdru benotzt an et wier ze hoffen, datt se an Zukunft net méi misste gebraucht ginn.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL